ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Europaparlament huet sech virun e puer Wochen an engem Vott géint déi a verschiddenen EU-Länner – ënner anerem och a Lëtzebuerg – applizéiert Praxis ausgeschwat, et auslännesche Staatsbierger ze erméiglechen, mat Investitiounen een Openthaltsrecht am betreffende Land ze kréien. D'Europaparlament huet déi Europäesch Kommissioun opgefuerdert, eenheetlech Reegelen ze schafen, wat dës Acquisitiounsmethod vun engem Openthaltsrecht ugeet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1) Wéi steet déi Lëtzebuerger Regierung zur mentionéierter Opfuerderung vum Europaparlament un d'EU-Kommissioun? Geet d'Regierung dervun aus, datt d'EU-Parlament mat dësem Vott seng Kompetenzen iwwerschratt huet an datt et de Memberlänner iwwerlooss soll bleiwe festzeleeën, ënner wéi enge Conditioune si Openthaltsrechter un auslännesch Staatsbierger verginn?
2) Ass d'Regierung gewëllt, eis national Souveränitéit an dësem Beräich géintiwwer der EU ze verdeedegen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding,
Deputéierten